ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fred Keup

Lëtzebuerg, de 6. Juli 2021

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest,

- datt den Unterrechtsministère zesumme mam Ministère fir d'Gläichstellung tëscht Fra a Mann den 14. Juni 2021 een Leitfaden erausginn hunn, an deem si erkläert hunn, wéi d'Schoulbicher an Zukunft "geschlechtersensibel" solle ginn,
- datt an deem Leitfaden een neien an net gebräichleche Sproochegebrauch vun der Regierung diktéiert gëtt (z.B Lehrende amplaz Lehrer),
- datt an de Schoulbicher Fraen esou duergestallt solle ginn, andeems si zum Beispill "nicht grundsätzlich kleiner und zierlicher" ewéi de Mann solle sinn, datt bei Ofbildungen net méi op "Geschlechtermerkmale wie Brüste" zeréckgegraff soll ginn an datt Ofbildungen an de Schoulbicher vu Fraen, déi e Puppelchen nieren, vermeit solle ginn,

erënnert drun,

- datt et biologesch Ënnerscheeder ginn tëschent Fra a Mann, datt Fraen nun emol am Duerchschnëtt méi kleng an méi zierlech sinn, ewéi e Mann, datt Fraen eng Broscht hunn an datt Kanner nieren eppes ganz Natierleches ass,

fuerdert d'Regierung op,

- sech un de Prinzip ze halen, datt et net de Staat ass, deen d'Sprooch duerch politesch an/oder ideologesch Uweisunge reguléiert,
- Fra a Mann och mat hire natierlechen Ënnerscheeder duerzestellen, inklusiv hire sekundäre Geschlechtsmierkmoler,
- dëse Leitfaden zeréckzezéien.

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742